N°1711
Entrée le 21.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 1711 vun den éierbarer Deputéiert Stéphanie Weydert**

1° Betreffend d'Liewensmëttelkontrollen vun der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire

D'Kontrollen an de registréierten Etablissementer ginn no enger Risikoanalys duerchgefouert. Am Duerchschnëtt, ausser bei schlechten Analysen, Reklamatiounen oder fréiere schlechte Resultater, fannen d'Hygièneskontrollen all 2 bis 3 Joer statt.

Dofir kann eng Foto vun engem spezifesche Joer keng komplett Vue iwwert d'Kontrolle vum Secteur ginn. Mir leeën dofir een Iwwerbléck vun de Kontrolle vun de leschten zwee Joer bäi.

Weiderhi muss bemierkt ginn, datt déi meescht Etablissementer och um Mäertchen, op der Schueberfouer oder op verschiddene Kiermessen iwwerpréift ginn.

D'Kontrolle gi mat Hëllef vun enger Checklëscht gemaach, déi eng grouss Zuel u Kontrollpunkten ëmfaasst. All Kontroll gëtt duerno an eng Datebank agedroen, déi e Score vun der allgemenger Konformitéit berechent.

D'Tabell hei drënner weist nëmmen d'Inspektiounen, déi op de Chrëschtmäert duerchgefouert goufen.

Unzuel vun de Liewensmëttelkontrollen op de Chrëschtmäert :

| Joer | < 50 % (schlecht Kontrollen) | > 50 an < 75 % (mëttel - gutt Kontrollen) | > 75 % (gutt oder ganz gutt Kontrollen) | Total | Konformitéits-taux (Duerchschnëtt) |
|---|---|---|---|---|---|
| 2023 | 0 | 12 | 28 | 40 | 77% |
| 2024 | 0 | 4 | 12 | 16 | 79% |

An de leschte Joren hu mir keng gréisser Nonkonformitéite fonnt, déi direkt juristesch Moossname gefuerdert hätten.

Natierlech ginn et och Kontrollen, déi Nonkonformitéiten opweisen, déi missen ugepasst ginn. All Kontroll gëtt mat engem detailléierte Bericht ofgeschloss, deen un déi zoustänneg Persoun geschéckt gëtt.

Am grousse Ganzen ass d'Liewensmëttelsécherheet op de Chrëschtmäert gutt assuréiert, mat engem Konformitéitstaux vun duerchschnëttlech ongeféier 80%.

2° Betreffend d'Kontrollen vun der Direktioun fir Konsumenteschutz

Am Dezember 2024 hunn zwee Agente vun der Direktioun fir Konsumenteschutz, op Grond vun enger Reklamatioun, Iessstänn um Chrëschtmaart an der Stad kontrolléiert. Dës Kontrollen hunn sech op de Präisaffichage an d'Gedrénks, déi op der Kaart stoungen, konzentréiert. Vun den 13 kontrolléierte Stänn gouf bei 4 festgestallt, datt obwuel Crémant op der Kaart stoung, kee Crémant zerwéiert gouf.

Am Kader vun den normale Präiskontrollen am Mount November 2024, goufen och weider 21 HORECA-Betriber an der Stad a laanscht d'Musel kontrolléiert. Hei goufe keng weider Irregularitéite festgestallt. An engem eenzege Fall huet de Patron, no der Visite vun den Agenten, d'Beschreiwung vun engem Cocktail ugepasst, wou Crémant sollt dra gemëscht ginn. Beim zweete Passage war den Affichage korrekt.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025
(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau
Ministesch fir Konsumenteschutz